N°255
Entrée le 08.07.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, eng mëndlech Fro (Art. 83 vum Chambersreglement) un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

An engem Artikel vum 12. Mee 2025 op 100,7 ("De Fernand Kartheiser gëtt vun eegene Reien ausgebremst") konnt ee liesen:

*„Enn Oktober zejoert hat de Premier Luc Frieden op enger Pressekonferenz gesot, d'Regierung hätt "aner Prioritéiten" [wéi déi, datt Lëtzebuergesch als EU-Sprooch unerkannt gëtt], géif awer "eng Kéier doriwwer schwätzen". Hie sot och, de Sujet sollt een "op eng nuancéiert Aart a Weis" ugoen.*

*Ganz ausgeschloss huet d'Regierung et bis elo awer wuel net, eng entspriechend Demande ze maachen, fir datt Lëtzebuergesch als EU-Sprooch unerkannt gëtt. Dat deit eng Äntwert vum Kulturministère un, déi eis e Méindeg erreecht huet.*

*Déi europäesch Bestëmmunge geséiche vir, datt ee Land, egal wat et op EU-Niveau am Beräich Sprooche wëll maachen, éischtens d'Sprooch an d'Constitutioun aschreift, wat zënter 2023 de Fall ass. Zweetens misst dat Land eng Iwwersetzung vun de véier Haapt-EU-Traitéen an där Sprooch deposéieren, esou de Kulturministère, deen och preziséiert, datt Lëtzebuerg dat nach virum Summer maache wäert."*

Zu dëser leschter Ausso vum Kulturministère hunn ech e puer Froen un den Här Kulturminister.

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert